# News | 2018




Action Avenir Haïti

# Virwuert

Frësch zréck aus Haiti schreiwen ech dëst Virwuert, de Jetlag nach net ganz ausgeschlof an de Kapp nach voller Andréck. Ëmmer nees vergläichen ech, obwuel ech jo eigentlech weess dass et kee Sënn mécht. Et klemmt een aus dem Fliger an et kennt een sech vir ewéi op enger aner Welt, heiansdo wei an engem Film an et stellt een sech Fro ass dat alles hei reell.

Villes wat vir eis richteg an normal erschéngt ass op Haiti anescht. Et stellt een sech Froen: Wei ass et méiglech dass esou vill futtis Autoen trotzdeem fueren, a wisou mir eigentlech all Joer duerch de Controle Technique fuere mussen. Mir hunn Mülltrennung a Recyclingméigelechkeeten a kréie keng Plastikstute méi am Supermarché. Op Haiti ass alles am Styropor a Plastik agepaakt, gëtt an Tuten transportéiert lant duerno direkt am Mir oder gëtt an engem Eck verbrannt. Mir kréien ee Protokoll wann mer am Hierscht eis Blieder am Gaart verbrennen. Mir kafen Transfert Räis, an op Haiti gëtt et meeschtens Räis aus Amerika. Zu Lëtzebuerg geet ouni Stroum näischt op Haiti geet mat Stroum och näischt. Mir kafen eiser Katz dat beschte Fleesch do ass eng Katz dat beschte Fleesch.

Des, an ähnlech Froe kann een sech praktesch bei allem stelle wat een do begéingt. Et ginn awer och vill Ënnerscheeder an der Ugehensweis, beim Schaffen, beim Plangen ,beim Diskutéieren, beim Entscheedungen huelen. Och no ville Joren Zesummenaarbecht ass et nach oft schwéier ze verstoe wat deen ee mengt, a firwat deen aner anescht reagéiert. Dofir ass et sou wichteg Zäit zesummen ze verbréngen. Haiti ze erliewen sech bewosst ze sinn dass mer verschidde sinn, a léieren deem aner seng Entscheedungen ze respektéieren. Ech fannen et ob allefalls wichteg dass




## Impressum

Datum Mäerz 2018
Fotoen & Texter Comité AAH et auteurs invités
Oplo 250 Stéck
Layout Comed
Dréckerei Reka print+

mer dat net op ginn, dass mer net einfach nëmme Suen op Haiti schécke mä dass mer zesumme schaffen. An esou probéiere sënnvoll, Zukunft a Liewensbedingunge vun en puer Haitianer verbesseren ze kënnen. Merci allen Leit déi eis dobäi ënnerstëtzen, well am Liewe kann een sech villes eraussichen awer net wou een op Welt komm ass.

***Rob Theisen***





# Bourses d'études 2017/2018



E grousst Uleies nieft der Schoul, de Microkrediter an dem Duerchféiere vun e sëlleche verschiddene Projet'en ass fir AAH och d'Offréiere vu Bourses d'études u jonk Leit, déi sech hir Ausbildung net leeschte kënnen.

Et muss ee wëssen, dass an Haiti d'Schoule bal alleguer a privater Hand sinn an doduerch fale ganz oft Aschreiwungsfraisen un, déi fir de Gros vun der haitianescher Populatioun net ze stemme sinn.

All Joer kritt d'Agence AAH Rivière Froide esou ganz vill Demandë vu Leit, déi gär géifen eng Ausbildung maachen. Well et där Demanden awer ëmmer méi ginn, huet d'Agence sech e puer Reegele gesat, no deenen si kënnen a wëllen hiren Accord ginn oder eben net. Virun Allem ass et an eisen Ae wichteg, Leit ze ënnerstëtzen déi op de Wee vun enger konkreter Beruffsausbildung ginn. Universitéitsstudie kënne leider net berécksiichtegt ginn, well se eben ze laang daueren an doduerch och ze deier ginn.





## *Aus enger Hellewull vun Demanden déi dëst Joer agereecht goufen, huet d'Agence der 10 zeréckbehalen:*

| Numm | Alter | Ausbildung | Dauer | Käschte/ Joer |
|---|---|---|---|---|
| THERANIS Elizé | 23 | Bibliothéconomie | 2 Joer | 18.900 htG |
| DISEUS Patricia | 23 | Secrétariat | 2 Joer | 9.400 htG |
| BORNEUS Elizabeth | 23 | Secrétariat | 2 Joer | 9.400 htG |
| TREPUDENCE Gertrude | 28 | Tech. Agricole | 2 Joer | 25.750 htG |
| HENRY Fabienne | - | Tech. Agricole | 2 Joer | 25.750 htG |
| DECEJOUR Jean Bertr. | 23 | Réfrigération | 1 Joer | 18.000 htG |
| MESILUS Marc Luckens | 24 | Informatique | 3 Joer | 20.250 htG |
| JASMIN Manouchecka | 31 | Couture | 2 Joer | 9.800 htG |
| FATIL Fanol | 28 | Ferronnerie | 2 Joer | 17.200 htG |
| GILLES Barthol | 39 | Administration | 2 Joer | 20.000 htG |





Fir dës 10 Leit falen also fir dëst Joer Käschte vun zesummegerechent 174.450 htG un, ëmgerechent sinn dat 2.747 USD, also 2.235 €.

Während eisem Openthalt op der Rivière Froide am Februar konnten d'Catherine an ech 4 Demandeurs de Bourse kenneléieren.

D'Patricia DISEUS, d'Elizabeth BORNEUS, d'Gertude TREPUDENCE an de Marc Luckens MESILUS hunn eis vun hirer Situatioun erzielt, dass et onméiglech ass ouni friem Hëllef eng Ausbildung ze finanzéieren. Hir Dreem sinn eigentlech ganz einfach gestréckt : Si wëllen einfach nëmmen eng Aarbecht fanne fir sech an hire Familljen en Iwwerliewen ze garantéieren. D'Wiel vun der Ausbildung schéngt net esou wichteg ze sinn, et ass d'Resultat wat zielt. Ee Saz deen hänken bleift ass : „Ça ira!".

Ze soe bleiwt nach, dass all d'Demandeurs de Bourse hir Examensresultater virweisen a reegelméisseg beweise mussen, dass sinn och wierklech ageschriwwe sinn an och an d'Cours'en ginn.

***De Wolli***

# Réhabilitation de la source Angibeau



***Grâce à un don de l'association Europe Tiers monde en 2015, Action Avenir Haïti a eu la possibilité d'aménager un chemin rural qui mène de Rivière Froide à Angibeau.***

Le chemin raide et rocheux conduit les habitants de la zone sur plus ou moins trois kilomètres vers la capitale. Pour nous, il est difficile d'imaginer que cette route, tortueuse et accidentée, puisse améliorer leurs conditions de vie. Pourtant, depuis sa construction, les marchandises peuvent mieux circuler, des matériaux de construction peuvent être transportés, des motos-taxis transportent en ville des personnes qui se rendent chez le médecin, à l'école, etc.

Le long de la route, une vue fantastique sur la baie de Port au Prince fait découvrir les habitations de Rivière Froide qui semblent se multiplier en permanence.








## Réhabilitation de la source Angibaeau



Sans la poussière et le bruit de la capitale, entouré de champs et d'arbres, Angibeau s'étend sur la colline. Cette partie boisée nous laisse imaginer comment Haïti pourrait se présenter sans la problématique de la déforestation.









Cependant, la vie est très dure dans les zones reculées. Pas d'électricité ni d'eau courante, les gens habitent dans de petites maisonnettes en bois, peu aptes à mettre à l'abri des tempêtes, des chutes de pluie et du soleil. Les gens ont très peu pour vivre. Le travail aux champs est épuisant, alors que le rendement est souvent faible. Action Avenir Haïti soutient régulièrement des projets dans cette zone. Un de nos partenaires, Kesnel Gilles, est un jeune agronome motivé et dynamique, soucieux d'améliorer les conditions de vie de la population dans ladite zone. Kesnel a fait preuve d'une bonne organisation et de persévérance lors de la réalisation de divers projets dans la région. En 2017, il nous a demandé une aide financière pour le captage d'une source.



## *Réhabilitation de la source Angibaeau*



Pour réaliser la mise en œuvre de son projet, Kesnel a trouvé des moyens de financement par *crowd fonding*, auprès de différentes associations et même auprès de l'État Haïtien qui a collaboré au captage de la source et à la construction d'un bassin avec un local technique. Action Avenir Haïti félicite Kesnel pour son engagement et ses initiatives, lesquelles sont d'ailleurs largement approuvées par les habitations de la zone.







# Sensibiliséierung zu Lëtzebuerg



**Als Komittee vun AAH probéiere mir och zu Lëtzebuerg sou vill wéi méiglech Präsenz ze weisen an ëmmer erëm nei Leit hei am Land fir d'Thema Haiti ze sensibiliséieren. Hei eng Zësummefaassung vun eise gréissten Aktivitéiten 2017 zu Lëtzebuerg:**

- An Zësummenarbecht mat der „Rockhal" an de „Lëtzebuerger Guiden a Scouten" huet AAH mat Hëllef vun immens motivéierte Bénévolen, den 11. Februar 2017 seng 2. Editioun vun hirem Benefizconcert „Listen to Haïti" organiséiert. D´Recette vun dësem Evenement si gréisstendeels an Agrikulturprojeten investéiert ginn, déi nom Passage vum Hurrikan „Matthew" am Oktober 2016 ronderëm Rivière Froide an d´Liewe geruff goufen. Während dësem Festival konnten d´Visiteuren och verschidden Organisatiounen an Associatiounen déi an Haiti aktiv sin, op hiren Informatiouns- a Verkafsstänn kenneléieren. Unhand vun enger Fotosausstellung konnt jiddereen sech e ee Bild vun Haiti maachen, während national an international Museksgruppen de Public a Stëmmung bruecht hunn.

- AAH war 2017 och ee vun de 4 Bénéficiairë vum „Duck Race", deen de 29. Abrëll 2017 vun der „Table Ronde Luxembourg a.s.b.l.", ënnert dem Patronage vun der Stat Lëtzebuerg organiséiert gouf. Een Deel vun de Suen déi bei dëser Manifestatioun gesammelt goufen, konnt an



eise Reboisements- an Emwelterzéiungs-projet fléissen, dee vu Mee bis Dezember 2017 duerchgefouert gouf. D´Ziler vun dësem Projet waren:

- Opforstung vu verschiddenen Häng an der Gemeng Carrefour,
- Sensibiliséierung vu Jonken aus verschiddene Schoulen zum Thema „Konservéierung a Gestioun vu natierleche Ressourcen an der Ëmwelt“
- Sensibiliséierung vun der Populatioun zur Wichtegkeet vun de Beem
- Méiglechkeeten d´Ausmoosse vu Naturkatastrofen an Haiti an Zukunft ze minimiséieren.

De ganzen Dag iwwer war AAH mat engem Infostand an der Péitruss präsent, fir Inte-resséierten Erklärungen an Informatioune weiderzeginn.

- De 15. a 16. Juli 2017 waren bei der Gëlle Fra, ënnert der Organisatioun vun der Stad Lëtzebuerg, den alljährleche „MeYouZik“ souwéi de „Rock um Knuedler“. AAH war ewéi all Joer, am Kader vum koopera-tiven „Me You Village“, während deenen zwee Deeg mat engem Informatiouns- an Verkaafsstand vun haitianeschem Konsch-thandwierk op der Plaz. An dëst mat vill Erfolleg.

Den traditionelle „Lunch Fair“ vun AAH gouf den 29. Oktober 2017 „A Mouschelt“ zu Lëntgen organiséiert. D´Recettë vum Lunch waren ewéi ëmmer zu Gonschte vun de verschiddene Projeten, souwéi fir Fonktion-nement vun der Schoul „Le Réformiste“ an Haiti. Dës Editioun konnt sech als Rekord-joer, mat enger Unzuel vu +/- 250 Gäscht verzeechnen.

***Catherine***








# Projet Reboisement nom Stuerm Matthew



Action Avenir Haiti wëll sech nach eemol bei der «Roundtable Luxembourg asbl» bedanken, well si eis duerch dee formidabelen Don vun 21.000 € beim «Duck Race » dëse Projet erméiglecht hunn.

An Zesummenaarbecht mat enger lokaler Bauerenorganisatioun an de Memberen vun Action Avenir Haïti Rivière Froide gouf een Projet ausgeschafft, deen Haiti op ville Niveauen hëllefe konnt.

D'Land läit ongeschützt alle Naturkatastrofen zum Opfer, an deemno ass de Reboisement eng vun deene wichtegste Moossnahme fir d'Bevëlkerung ze schützen a géint d'Erosioun virzegoen. Nei Beem uplanzen ass deemno eng vun deene wesentlechsten Hëllefen déi Haiti brauch. Dat kann een awer net einfach onkontrolléiert maachen. An deem Sënn ass et gutt déi lokal Organisatiounen ze ënnerstëtzten, déi an hirer Géigend weisen, wéi een de Buedem am Beschte virun der Erosioun schütze kann.



Si schaffen oft mat Agronomen zesummen, déi erkläre kënnen wat wou am Beschte wiisst, an wat Sënn mécht zesummen a Mëschkulturen unzeplanzen, fir dee bescht-méiglechen Rendement ze kréien.

D'Gewunnecht souwéi d'Präisdeierecht sinn zwee Grënn firwat vill Mënschen nach ëmmer op Kuele kachen. Wa Nout besteet, an eng Famill net méi weess wéi se soll un en puer Gourde kommen fir eppes z'iessen ze kafen, dann gëtt nawell oft ee Bam gefällt fir d'Holz ze verkafen. Sensibiliséierung an Opklärung, fir der Erosioun entgéintzewier-ken si praktesch genau sou wichteg, wéi Beem ze planzen.

An dësem Projet hu mir een Agronom an Techniker agestallt fir Frormatiounen ze halen. Esou goufen an 7 verschiddene Schoulen 700 Schüler fir d'Wichtegkeet vun Erhalt vun den Beem sensibiliséiert, a praktesch kruten se gewisen wéi eng „Pépinière" fonctionnéiert. All Schüler







aus all Schoul krut och Setzlinge mat heem, fir do am Gaart unzeplanzen.

Am ganzen goufe 7.000 Beem geziicht, déi op deem Wee an der Emgéigend vu Rivière Froide ugeplanzt goufen. Déi bedeelegt Baurenorganisatioun vun Dufrenay konnt 3000 Beem uplanzen, esou dass ee ganzen Hiwwel befestegt gouf. Dës Beem ginn och vun hinne versuergt, sou dass ee Suivi vun dësem Projet garantéiert ass.

*Merci eisem motivéierten Team op der Plaz dat dëse Projet emgesat huet.*



# Mon incroyable expérience





En janvier 2017, je me suis rendu pour la première fois en Haïti afin de prester un stage de 2 semaines, ensemble avec trois autres étudiantes belges, à l'école « Le Réformiste » de l'association « Action Avenir Haïti » se situant à la Rivière Froide. Ce stage se déroulait dans le cadre de mes études d'instituteur et me permettait de mettre en pratique différentes méthodes et approches dans un contexte plutôt inhabituel par rapport aux stages antérieurement vécus en Europe.
Je qualifiais le fait de donner cours dans un quartier défavorisé comme opportunité personnelle et expérience unique puisque j'étais par exemple confronté à la situation de devoir donner cours sans avoir à ma disposition beaucoup d'outils didactiques ou pédagogiques. Pendant ce stage, je préparais et donnais donc principalement des cours, et au fur et à mesure, je m'échangeais avec les professeurs.

Concernant le déroulement à l'école, j'observais que les élèves se rassemblaient

chaque matin à 07h00 devant leur drapeau, en chantant l'hymne nationale pour célébrer la levée du drapeau. Ce sont des rituels inhabituels mais tout à fait impressionnants pour un jeune luxembourgeois. À partir de 07h15, les cours commençaient et l'école se terminait à 12h00. Vers 10h00, il y avait toujours une pause d'environ 35 minutes, pendant laquelle les élèves sont allés à la cantine.

En dehors des heures de cours de l'école, les trois co-stagiaires et moi avons profité de l'occasion pour découvrir le quartier de la Rivière Froide. D'ailleurs, on allait visiter d'autres quartiers de Port-au-Prince et Jacmel, une ville située au bord de la mer. La route pour y aller passe à travers les montagnes et offre des vues magnifiques sur toute la région. Évidemment, il y a aussi l'une ou l'autre plage propre et accueillante. En résumant, il s'agissait de deux semaines de stage très enrichissantes lesquelles étaient trop vite passées. D'un côté, c'était intéressant de faire l'expérience de donner cours dans





de telles conditions et de l'autre côté, c'était génial de découvrir un autre pays avec une culture différente, ou de simplement dialoguer avec les haïtiens qui ont un esprit très ouvert et vif.

Pendant le mois d'octobre 2017, j'ai commencé une deuxième aventure de 3 mois en Haïti. Je me rendais de nouveau à l'école à laquelle j'avais déjà fait connaissance en janvier. Cette fois-ci, je donnais aussi cours, mais dans des intervalles moins importants qu'en janvier. Souvent, j'allais simplement discuter avec les professeurs en me basant sur leurs préparations de cours ou le cours même afin d'avoir un échange constructif. En effet, j'observais surtout le déroulement et le fonctionnement de la direction. L'objectif consistait d'améliorer l'administration et le fonctionnement de l'école ce qui demandait beaucoup de collaboration de chaque personne concernée. En discutant et en me concertant régulièrement avec les personnes responsables sur place, ainsi qu'avec le comité luxembourgeois, on a su résoudre ensemble différents problèmes afin d'améliorer le fonctionnement général de l'école Le Réformiste. Le 1er janvier 2018, je suis de nouveau rentré au Luxembourg, mais comme le travail m'avait tellement bien plu, je suis retourné le 30 janvier 2018, pour un troisième séjour de 3 mois.

***Philippe Rasqué***

# Parrainage





LU

D'Rivière Froide ass ee relativ aarme Quartier, wou vill Kanner wunnen, déi keng Elteren méi hunn, oder deene hir Famill keng Méiglechkeet huet fir d'Schoulgeld ze bezuelen.

Aus dësem Grond huet AAH een anonyme Parrainage an d'Liewe geruff. Fir 30 Euro de Mount kënnt Dir et engem Kand erméiglechen an dëser Schoul Liesen a Schreiwen ze léieren. AAH ass der Meenung, datt et méi gerecht ass fir all d'Kanner, wann dëse Parrainage anonym bleift.

Dir kënnt Pätter oder Giedel vun engem Kand ginn, andeems Dir all Mount 30 €, oder eemol d'Joer 360 €, op folgende Kont iwwerweist:

CCPL:
**IBAN LU81 1111 2342 0345 0000**
mam Vermierk „**Parrainage**"

---

Weider Informatioune fannt Dir op **www.aah.lu** oder iwwert Mail: **contact@aah.lu**.

FR

Rivière Froide est un quartier assez pauvre où habitent beaucoup d'enfants monoparentaux et/ou démunis dont les parents ne peuvent pas payer les frais d'écolage.

Grâce à 30 € par mois de don, vous permettez à un enfant d'apprendre à lire et à écrire. Cependant, ce parrainage est anonyme parce qu'AAH est d'avis que cet anonymat garantit une meilleure égalité des chances pour chaque enfant.

Vous pouvez parrainer un enfant en faisant un virement de 30 € par mois ou 360 € par an sur le compte bancaire suivant :

CCPL :
**IBAN LU81 1111 2342 0345 0000**
avec la mention « **Parrainage** »


---

Plus d'informations sur **www.aah.lu**
ou par e-mail : **contact@aah.lu**

# Finances




*Dépenses*



- Ecole « Le Reformiste » : .........57.225,05 €
- Aide d'urgence : ........................ 3.188,57 €
- Projets : .......................................24.957,01 €
- Agence Rivière Froide : .......... 11.882,31 €
- Formation : ..................................4.172,56 €
- Microcrédits : ................................ 338,72 €
- Volontariat : .................................2100,00 €

*Recettes*



- Dons : ........................ 77.186,00 €
- Parrainage : ...............18.617,50 €
- Activités : .................. 10.691,21 €
- Cotisation : .................1.000,00 €
- Intérêts : ............................ 7,34 €
- Boutique : ...................3.008,38 €

# Fotogalerie














World Peace
Pè Mondyal World Peace
World Peace
Pè Mondyal World Peace
World Peace
Pè Mondyal World Peace
World Peace






DODY
GYM


GLOIRE A DIEU
MACK
TH 00890

News 2018

**Action Avenir Haïti asbl**
41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel

T (+352) 621 750 159
T (+352) 621 182 548

contact@aah.lu
www.aah.lu
CCPL LU81 1111 2342 0345 0000

Action Avenir Haïti